

Millen ze verkafen

Kaméidistéck an 3 Akten

vum Christian Lange (Originaltitel: Müllers Mühle)

an d' Lëtzebuergesch iwwerdroe vum Georges Neuen

mat der Erlaabnes vum Arno Boas Verlag

Dëst Theaterstéck däerf nëmmen opgefouert gi mat der Erlaabnes vun dem Verlag

Theaterverlag Arno Boas

Finsterlohr 46

D-97993 Creglingen

Tel.: 07933-20093

e-mail. info@theaterverlag-arno-boas.de

www.theaterverlag-arno-boas.de

Eng Ähnlechkeet mat Persounen déi verstuerwe sinn oder nach liewen ass puren Zoufall an ongewollt.

D' Persounen

Marc Hausemer

Immobilienagent

Henri Miller

Krimiauteur, Witmann

Lynn Miller

säi Meedchen, nach Jonggesell

Néckel

Kniecht

Maisy

Dës Roll kann och vun enger Fra gespillt ginn. An deem Fall den Text upassen

Mood

Dr **Simone Simon**

Véidokter a Generalist

Jang Bollenborn

Buergemeeschter a Bauer

Romy Bollenborn

Madame Buergermeeschter

D' Geschicht

De Krimi Auteur a Witmann Henri Miller, deen erëm ufänke wëllt Krimien ze schreiwen, a seng Duechter Lynn Miller kafen, e wéineg ofgeleeë vu Rammelscheed, eng al Millen an där seng Duechter ee Restaurant ariichte wëllt. Déi 2 kafen d' Millen obschonn um Niewegebai fir den Néckel, als fréier Kniecht, ee Wunnrecht besteet. Dowéinst gëtt de Präis erofgesat. Well den Néckel al a krank ass, si Papp an Duechter iwwerzeeget, datt hie fir si keng laang Belaaschtung wäert sinn. Mat där Iwwerleeung leien déi zwee ferm dernieft. Awer net nëmmen domat.

D' Bühn

Am Fong: viischt Face vun der Millen, gesäit all aus (ewech gebrachene Façadebeworf), al ruppeg Entréedier an eng oder zwou Fënstere mat alen onuerdentleche Klappplueden.

Côté cours : Niewegebai / Scheier, mat enger Fënster an enger Dier (Gëtschel).

Côté jardin : ee Latenzonk mat engem Duerchgang oder Latendier.

Bei der Mille steet ee Waasserfaass mat Kullangsrouer (fakultativ).

Laanscht d' Niewegebai steet en Holzstack mat Aaxt oder Beil, (fakultativ) een déckt Millerad (Styropor). Ronderëm leit gerassen Holz an och déck Stecker. Gaardegeschir trëllt ronderëm. Vir laanscht den Zonk steet eng al Bänk, virdrun een alen Dësch, op deem Geschir a Wouscht läit.

Virum 3ten Akt gëtt Bühn opgepäppelt. All déi al Saache kommen ewech(Dësch, Bänk) Austausch vun der Entréedier fir an d' Millen (al op nei), nei an uerdentlech Klappplueden, neie Latenzonk, nei Bänk, 2 Dëscher, 2 Still (een Dësch virun d' Bänk, deen anere mat 2 Still an d' Mëtt vun der Bühn) Dëschdecken op d' Dëscher, Blummebac op d' Fënster(en). D' Schëld " An der Millen* iwwert D' Dier ophänken. Holz laanscht d' Niewegebai opgestapelt.






Requisiten

	<u>Allgemeng</u>	
Entréedier Millen	al	1ten, 2ten Akt,
Entréedier Millen	nei	3ten Akt
Waasserfaass	(fakultatif)	1ten, 2ten, 3ten Akt
Gaardebänk	al	1ten, 2ten Akt
Gaardebänk	nei	3ten Akt
Garde Still 2	nei	3ten Akt
Garden Dësch 1	al	1ten an 2ten Akt
Garden Dësch 2	nei	ten Akt

Klapplueden	al	1ten Akt	(zou)
Klapplueden	al	2ten Akt	(op)
Klapplueden	nei	3ten Akt	
Holzstack		1ten, 2ten, 3ten Akt	
Beil /Aaxt		1ten, 2ten, 3ten Akt	
Holz	ganz Stécker	1ten, 2ten, 3ten Akt	
	gerasse Stécker	1ten, 2ten, 3ten Akt	
Gaardegeschir	duerchernee beim Niewegebai	1ten Akt	
	laanscht Niewegebai	2ten an 3ten Akt	
Schëld	An der Millen	3ten Akt	
Menü Kaart		3ten Akt	
Dëschdécken 2		3ten Akt	
Vase 2 mat Blum (men)	op den Dëscher	3ten Akt	

Requisiten

Persoune bezunn

Marc Hausemer	Handy		1ten, 2ten, 3ten Akt
	Mapp mat Kontrakter		1ten Akt
	Bic		1ten Akt, 3ten Akt
	Kontrakt		1ten Akt Zeen 4
	Schlëssel Kludder		1ten Akt Zeen 5
	Fläsch Wäin		3ten Akt Zeen 30
	Kontrakt a Bic		3ten Akt Zeen 30
Henri Miller	Laptop ganz		2ten, 3ten Akt
Lynn Miller	Këschte mat Rulloen Tapéit		2ten Akt Zeen 11
	Faarf Biddonen		2ten Akt Zeen 11
	Plënnerkëschten aus Kartong		2ten Akt Zeen 11
	Akafskuerf mat Toilëttepabeier,		2ten Akt Zeen 17
	Knippercher (Toffifee)		2ten Akt Zeen 17
	Kontrakt		3ten Akt Zeen 30
Néckel	Bengel		1ten, 2ten, 3ten Akt 
	1 Metallen d' Dëppchen		1ten Akt Zeen 3
	Fläsch Schnaps a Glas		1ten Akt Zeen 5
	Duschhauf		3ten Akt Zeen 24
	Buedmantel		3ten Akt Zeen 24
	Handduch		3ten Akt Zeen 24
Simone Simon	Dokterkoffer mat wäissem Kiddel		1ten Akt Zeen 6
	Plastik Fläsch am Koffer		2ten Akt Zeen 17
	Sprëtz a Flacon		2ten Akt Zeen 19
	Plastik Händschen (Véidokter)		2ten Akt Zeen 19
Jang Bollenborn	gedréchente Blummebouquet agepak		1ten Akt Zeen 7
	Mapp mat Dokumenter		2ten Akt Zeen 18

	Buergermeeschtesch Schäerp	3ten Akt	Zeen 25
	Blummebouquet, agepak	3ten Akt	Zeen 25
Romy Bollenborn	Platt Brout (Ciabatta)	1ten Akt	Zeen 8
	grouss Posch, Ziedel mat Gedicht, Schäerp	1ten Akt	Zeen 8
	Kuerf, zougedeckt, Zoossiss	2ten Akt	Zeen 18
	Kuerf, zougedeckt, Mettwurscht	3ten Akt	Zeen 25
	2 Fläsche Béier	3ten Akt	Zeen 28

Gezai

Marc Hausemer	alldaags Kostüm	1ten, 2ten Akt	
	schicke Kostüm	3ten Akt	
Henri Miller	summerleche Kostüm	1ten Akt	
	Beret	1ten Akt	
	Summerbox, Hiem mat kuerzen Äerm	2ten Akt	
	schicke Kostüm	3ten Akt	
Lynn Miller	summerlech	1ten Akt	
	Schaffgezei	2ten Akt	
	schick,	3tne Akt	
Néckel	bloe Kiddel, Kap, knuppege Schong	1ten, 2ten, 3ten Akt	
	Bengel	1ten, 2ten, 3ten Akt	
	Buedmantel	3ten Akt	Zeen 24
	Dusch Hauf	3ten Akt	Zeen 24
	Handdusch	3ten Akt	Zeen 24
	Schlappen	3ten Akt	Zeen 24
	Summerlecht Hiem, Kap, knuppege Schong	3ten Akt	Zeen 28
Simone Simon	ugedoe fir d' Männer Blécker unzezéien	1ten, 2ten Akt	
	sportlech Schick mat Turnschlappen	3ten Akt	
Jang Bollenborn	Bauere Kleeder	1ten, 2ten, 3ten Akt	
	Kap	1ten, 2ten, 3ten Akt	
	schicke Kostüm a Schäerp	3ten Akt	
Romy Bollenborn	ouni Goût	1ten, 2ten Akt	
	Schick ouni Goût	3ten Akt	

Technik Musek aus dem Film "L'Arnaque/The Sting" / **Geräischer**

1ten Akt	Musek Ufank	Pine Apple Rag	Säit 9
	Zeen 1	3 x Telefon s Schell	Säit 9
	Musek Schluss	Solace	Säit 20
2ten Akt	Musek Ufank	Solace	Säit 21
	Zeen 10	Telefon schellt	Säit 21
	Zeen 13	Toilette	Säit 24
	Zeen 16	Marschmusek un	Säit 27
	Zeen 16	Marschmusek aus	Säit 28
	Zeen 16	Marschmusek un	Säit 28

Zeen 16 Marschmusek aus Sait 28
 Musek Schluss The Glove Sait 38

PAUS

3ten Akt
 Musek Ufank Hooker's Hooker Sait 39
 Zeen 26 Marschmusek un Sait 43
 Zeen 26 Marschmusek aus Sait 43
 Zeen 29 Marschmusek falsch un Sait 46
 Zeen 29 Marschmusek falsch aus Sait 46
 Musek Schluss Easy Winners Sait 52

Uschleissend

The Entertainer

Rag Time Dance

		1ten Akt Sait 9													
		Zeen 1	Zeen 2	Zeen 3	Zeen 4	Zeen 5	Zeen 6	Zeen 7	Zeen 8	Zeen 9					
Persounen	Sait	9	10	12	13	15	16	18	18	21					
Marc Hausemer		X	X	X	X	X									
Henri Muller			X	X	X	X	X	X	X	X					
Lynn Muller			X	X	X	X	X	X	X	X					
Néckel				X		X	X	X		X					
Simone Simon							X	X		X					
Jang Bollenborn								X	X						
Romy Bollenborn								X	X						
		2ten Akt Sait 22													
		Zeen 10	Zeen 11	Zeen 12	Zeen 13	Zeen 14	Zeen 15	Zeen 16	Zeen 17	Zeen 18	Zeen 19	Zeen 20	Zeen 21	Zeen 22	Zeen 23
Persounen	Sait	22	22	23	23	25	26	27	29	30	31	34	35	37	38
Marc Hausemer		X										X	X		X
Henri Muller			X	X	X	X	X	X	X	X	X		X	X	
Lynn Muller			X		X		X		X		X		X	X	
Néckel				X	X	X	X	X		X	X			X	
Simone Simon									X		X			X	
Jang Bollenborn										X	X	X	X		
Romy Bollenborn										X	X	X	X		
		3ten Akt Sait 39													
		24	25	26	27	28	29	30	31						

1ten Akt

Technik (Musek Pine Apple Rag)

Zeen 1

Marc

De Riddo ass zou. Den Hausemer kënnt virun de Riddo. Wa kee Riddo do ass, kënnt den Hausemer duerch de Sall oder sëtzt ënnert dem Publikum. D' Bühn ass net beliicht.

Technik (Telefon schellt)

Marc (*an dem Publikum*) Macht den Handy aus. Dat stéiert den Theater.
Maacht dach deen Telefon aus.
Ups , entschëllegt. Et ass mäin.
(*super frëndlech*) Agence Immobilière Hausemer. Marc Hausemer perséinlech um Apparat. Wéi kann ech lech hëllefen? (*geet virun d' Bühn*)
--- (*enttäuscht*) Oh, du bass et? Wéi oft hunn ech der scho gesot du solls mech net Op dem Handy vum Geschäft uruffen.
--- Neen, ech hunn nach kee fonnt fir deng fiicht al Brochbud am Millegrond.
--- Wat wëlls de domat soen: Et steet all Dag een Dommen op? Du hues gutt schwätzen! Da muss een deen Dommen och fannen.
--- Du mech och! (*hänkt an*) Blöden lese!!

Technik (Telefon schellt)

(*super frëndlech*) Agence Immobilière Hausemer. Marc Hausemer perséinlech um Apparat. Wéi kann ech lech hëllefen?
(*genervt*) --- Firwat riffs du dann elo schonn nees un?
--- De Präis? Looss dat meng Suerg sinn. Äddi! (*hänkt an*)

Technik (Telefon schellt)

(*genervt a rosen, batzeg*) Jo! (*paff*) Wat gelift? Euhm, jo! (*frëndlech*) Agence Immobilière Hausemer. Marc Hausemer perséinlech um Apparat.
--- Jo! Um Apparat. Wéi kann ech lech hëllefen?
--- Wat fir eng al Millen?
--- Ah jo, déi al Millen. (*hält den Telefon zou, zum Publikum, löschtteg, laacht*) Déi fiicht al Brochbud am Mille Grond. (*erëm eescht a geschäftlech*) Déi charmant Gebailechkeeten mat Ausbau Potential an enger wonnerbarer romantescher Lag am Gréngs, net wäit vum Zentrum vun der Uertschaft. Meng Dir déi?

--- Jo, ganz vill Leit intresséiere sech fir deen Objet. Si ginn sech hei am Büro d' Klensch an de Grapp. (*tuppt mat dem Fouss op de Buedem, oder klappt op Holz wéi wann een un der Dir klappe géif*) Hu Dir héieren, et huet schonn nees ee geklappt. Ee Moment w.e.g.!

(*mécht wéi wann en am Büro ee Client géif empfänken*)

Kommt eran! - Gudde Moie Madame Krunn. Komm Dir nach eng Kéier wéinst dem Gebai am Mille Grond? Huelte Iech ee Moment Plaz ech si grad um Telefon. – Si Dir nach do?

--- Selbstverständlech kënne mir ee Rendezvous maache fir d' Mille kucken ze goen. Ech misst awer kucke wéi ech meng Rendezvouse mat deenen aner Interessenten ageplangt hunn, a wéini ech fir Iech nach ee kleng Sutt fannen. Wéi Dir elo grad matkritt hutt, deen Objet ass ganz vill gefrot.

--- De Präis? Neen, dee stoung net an der Annonce. Mir gi bestëmmt eens mat dem Präis.

--- Wéini wollt Dir kommen? Muer um 10^o Auer? Ee Moment w.e.g. ech kucken huerteg a mengem Kalenner. (*en hält den Telefon zou an zielt*) 21, 22, 23, 24. – Um 11^o Auer wier fir mech besser.

--- Ass notéiert. Wësst Dir wou den Objet läit?

--- Richtig! Mir treffen ons bei dem Uertschaftsschëld vu Rammelscheed. Dir fuert mir Dann no well d' Mille läit zimlech ofgeleeën ... ech wëll soen huet eng zimlech romantesch Lag, no beim Bësch. Wéi war scho méi Ären Numm?

--- Henri Miller? (*witzeg*) Net schlecht, da kéint dat dem Miller seng Millen ginn! (*laacht*) Äddi, Här Miller, bis muer um 11. (*hänkt an, hält brüsk op mat Laachen, hannerlëscht*) Ech si mer ganz sécher, (*iwwert dem ofgoen*) dat gëtt dem Miller seng Millen.

Zeen 2

Marc, Henri, Lynn,

(*de Riddo geet op, d' Bühn gëtt hell beliicht. D' Lynn an den Henri Miller kommen aus der Millen, hannert hinnen de Marc Hausemer, huet eng Mapp bei sech*)

Lynn (*begeeschtert, iwwerglécklech*) Dat ass eng richtig romantesch Lag! Ech gesinn et vru mer wéi wann et scho fäerdeg wier. Bannenan brauch guer net vill geännert ze ginn. Mir kéinten direkt eraplënnen. Ok, d' Biedem missten een nei Belag kréien, d' Mauere missten ugestrach ginn, d' Elektresch misst erneiert ginn, dat kéinte mer scho bal selwer maachen. Am Rdch riichte mir ee Restaurant an. Dat setzt natierlech viraus, datt mer d' Virschreife vun der Hygiène anhalen. Um éischte Stack kréien ech meng Wunneng. Den Daach gëtt ausgebaut, d' Fachwierker gi fräi geluecht an do kriss du däi Büro. Do kanns du bis spéit an d' Nuecht an aller Rou un denge Krimië schreiwen.

Henri Neen!

Lynn Wéi! Neen?

Henri Neen heescht am Kloertext: ech gi méi all a kann dann net méi esou vill Trape goen. Ech kréien den éischte Stack.

Lynn Okay Boopchen. (*Trëppelt ronderëm kucken*)

Henri Nenn mech net Boopchen!

Marc (*hëlt den Henri op d' Säit*) Wann der erlaabt – Är Madame kënnt Är Duechter sinn. (*stéisst den Henri an d' Säit a laacht*) Dir klenge Playboy.

Henri Et ass meng Duechter! Här Hausemer!

Marc Oh!

Lynn D' Klapplude sträiche mer gréng un. Hei am Haff riichte mer Sätzplazen an, wou een Owes am Summer gemittlech e Pättche Wäi genéisse kann.

Henri Neen!

Lynn Wéi! - Neen?

Henri Béier! – Hei riichte mir ee Béiergaart an.

Lynn Vu mir aus och ee Béiergaart.

Marc Asou? – Ech hätt bei lech éischer op ee Wäindrénker getippt.

Henri Fir wat?

Marc Dir kennt bestëmmt d' Zitat: “Roude Wäin hunn déi eeler Hären, ëmmer schrecklech gären”.

Henri Merci, fir den eeleren Här! Ech si sécher, datt Dir keng Ahnung hutt vu wem dat Zitat ass.

Marc (*ganz iwwerzeegt vu sech*) Natierlech weess ech dat! All grouss däitsch Zitater si vum Goethe!

Henri Falsch. Dës Kéier war et de Wilhelm Busch.

Marc A sou! Dann huet de Wilhelm Busch och sympathesch Saachen op Pabeier bruecht. - Dir hutt hei alles gesinn, da kënne mer zum.....

Henri (*ënnerbrécht de Marc*) Neen!

Lynn a Marc Wéi? Neen!

Henri Mir hunn d' Niewegebai nach net gesinn.

Lynn Solle mer net fir d' Éischt mol iwwert de Präis schwätzen?

Marc Gären! D' Millen huet eng Wunnfläch vun 320 Quadratmeter, opgedeelt op e Rdch an engem 1te Stack, mat enger Ausbau Méiglechkeet vun deem Deel ënnert dem Daach,

Henri (*ënnerbrécht de Marc*) Wat ass mat dem Niewegebai?

Marc da gehéieren och nach 4 Hektar Terrain derbäi, an

Henri (*ënnerbrécht de Marc*) Wat ass mat dem Niewegebai?

Marc den Usschloss un d' Waasser Netz an.....

Henri (*ënnerbrécht de Marc*) Wat ass mat dem Niewegebai?

Marc un d' Elektresch. Dat Ganzt

Henri (*ënnerbrécht de Marc*) Wat ass mat dem Niewegebai?

Marc ... krit Dir fir 110'000 €. Keng Provisioun fir mech.

Henri Keng Provisioun fir Iech? Dat hunn ech bei engem Immobilienhai

Marc (*houscht opfälleg*)

Henri ... Immobilien Agent nach net erlieft.

Marc Dësen Objet gehéiert ... euhm ... engem Ierfschaft s Kollektiv. Ech verrechnen all Käschten direkt mat hinnen. – An? – Dat ass dach ee super Präis!

Lynn Papp, dat ass dach bal geschenkt!

Henri Nu maach emol lues Lynn. Doriwwer schwätze mer nach. – Här Hausemer!!
Wat ass mat dem Niewegebai?

Marc Den Ament nach net ze benotzen.

Henri Wat?

Marc (*mat Nodrock*) Kann - den Ament - nach net - benotzt ginn!

Lynn Firwat?

Zeen 3

Marc, Henri, Lynn, Néckel,

(*d' Stalldir geet op an deem alen Néckel kënnt eraus, houscht fierchterlecht a käicht bis en an der Millen ass. Huet ee Waasserkrou bei sech, wénkt frëndlech mat dem Kapp fir Moien ze soen, geet an d' Millen. Miller s kucken him ganz paff no bis d' Dir vun der Millen zou ass. Et héiert ee keen Houschte méi*)

Marc Dowéinst!

Lynn Wien der Däiwel ass dat do?

(*d' Dir vum Haus geet op, den Néckel geet an de Stall zeréck, houscht fierchterlecht a käicht bis en am Stall ass. Soubal d' Dir zou ass hält hien op mat Houschten*)

Henri (*Virworf s voll*) Här Hausemer! Wie war dat do?

Marc (*iwwerleet*) Wie war dat do?

Henri Jo! Wie war déi Tbc Damplokomotiv déi elo just hei laanscht geschlach ass?

Marc Majo – euhm, dat euhm, jo dat ass euhm den Néckel.

Henri A wien ass dat gefällegst, deem Néckel?

Marc Den Néckel ass dee leschte Kniecht vum Millen Haff. Hie war hei esou eppes ewéi den Ersatz Bopi. Hien huet sech ëm den Haff, de Stall an d' Kanner bekëmmert. Dofir huet hien ee liewenslängleche Widdem kritt. Wéi dir selwer héieren hutt wäert en net méi esou ganz laang ënnert äis sinn. - Ee Moment, ech stellen Iech e vir. (*geet bei d' Niewegebai. Kappt un d' Dir. Soubal geklappt gouf héiert een am Stall fierchterlecht Houschten*) Néckel! - Hallo! - Néckel! Hei si Leit déi Iech wëlle kenne

léieren!

Néckel Jong, wéi oft hunn ech dir scho gesot du solls mech duzen. (*houscht*) Geet dat net an däi Spatzegehir eran. (*houscht*) Ech fille mech haut guer net gutt. Ech waarden op den Dokter. (*houscht*) Ech war mir elo just iwwer Waasser siche fir mir Téi ze kachen. (*houscht, verschléckt sech bal*) Entschëlleg! (*Klaakt Stall Dir zou, aus dem Houscht gëtt een Houscht Ufall dee séier eriwwer ass*)

Zeen 4

Marc, Henri, Lynn,

Marc (*Hieft d' Schëlleren*)

Henri Dee wunnt do am Niewegebai?

Marc Jo, an der fréiere Kniechtkummer. Hie geet an d' Mille fir Waasser sichen ze goen, fir ze bueden oder fir – "pfft".

Lynn "pfft" ?

Henri Ech hoffen net datt "pfft" dat ass wat ech mengen!

Marc Ma ... euhm, fir op d' Toilette ze goen. - Am Stall gëtt et Elektresch awer keen Offloss, an deem no keng

Henri "pfft". Ech verstinn.

Marc Duerfir däerf hien déi an der Mille benotzen. Dat ass esou am Widdem fest geluecht.

Henri Dat Geschäft mat äis kenn Dir vergiessen, Här Hausemer. Komm Lynn, mir ginn.

Lynn Ma Papp, waart dach emol.

Marc Jo Här Miller, net esou schätzeg. Mir kënnen dat Ganzt nach eng Kéier roueg diskutéieren.

Lynn (*zitt säi Papp op d' Säit*)

(*De Marc mécht wéi wann dat hien net interesséiere géif, lauschtert diskret no*)

Papp, denk emol praktesch. Deen Ale kuckt d' Réidercher geschwë vun Ënnen. Den Ament wunnt hien am Niewegebai. Hie stéiert ons net am geréngsten.

Henri Ma dach! Hie benotzt eis pfft also Toilette.

Lynn Erënner dech emol un ons Vakanz deemools a Spuenien. Mir haten en Zëmmer mat Dusch. D' Toilette war am Trapenhaus - ass vun all de Leit vum Stack benotzt ginn.

Henri Datt s du dech nach un déi Vakanz erënners? Esou een Hotel géif ech haut net méi buchen.

Lynn Dat ass ee Grond fir de Präis ze drécken. Mir bidde 75'000€.

Henri Dee geet net dorop an.

Marc *(wénkt mat dem Kapp. Lauschtert mat vill Intressi dem Lynn seng Iwwerleeungen)*

Lynn Mat deem wat mer spueren, kënne mer am Stall eng Dusch an eng Toilette bauen.

Henri Du spënns, awer net fir deen Alen.

Lynn Net nëmme fir hien! Kuck eppes méi wäit no vir.

Henri Wéi wäit?

Marc An d' Zukunft.

Henri, Lynn *(dréie sech zum Marc)* Hu Dir äis nogelauschtert?

Marc *(onschëlleg)* Ech dach net. *(réckelt e bëssen op d' Säit, kënnt awer erëm méi no, soubal déi 2 sech erëm ëmgedréint hunn)*

Lynn Hien huet Recht. Denk an d' Zukunft. Ass deen Alen

Marc *(vun hannen)* Deen Alen heescht Néckel.

(Lynn a Henri kucken de Marc Virworf's voll. Mat onschëllegem Gesiicht geet hien nees op d' Säit a kënnt zeréck, soubal déi 2 sech erëm ëmgedréint hunn)

Lynn Ass deen Alen ënnert dem Buedem, da kënne mir d' Niewegebai als Vakanzwunneng verlounen.

Henri Du häss solle Gestiouen studéieren.

Lynn *(ganz léif)* Ma Pappchen, hunn ech dach geléiert, éier ech an d' Restaurant Fach gewiesselt sinn. Hues du dat scho vergiess?

Henri *(zum Hausemer)* Mir kafen! – Fir 75'000€. *(Kuckt kuerz op d' Lynn, wat laacht, mat dem Kapp zoustëmmt an him Merci seet. Henri reecht dem Marc d' Hand)*

Marc E schéinen Dag nach Här Miller. Äddi! Joffer Miller. *(dréit sech ëm, hieft den Arem a geet Richtung Paart)*

Henri *(paff)* Wat heescht dat do?

Marc Dir kennt mäi Präis!

Henri Äddi! E schéinen Dag nach Här Hausemer. *(Hëlt Lynn bei der Hand, si gi fort hannert d' Millen)*

Marc Wat heescht dat do?

Henri Dir kennt eise Präis!

Marc Also gutt. Ech sinn jo net esou. - Well Dir mir sympathesch sidd a wéinst dem Wunnrecht – 100'000€.

Henri 80'000!

Marc 95!

Henri 85!

Marc 90'000€! Ass mäi leschte Präis.

Henri (zum Lynn) Kréie mir fir 20'000€ am Niewegebai eng Dusch an eng Toilette?

Lynn (wénkt mam Kapp "jo")

Henri (mat schwéierem Häerz) Majo! Dann ebe fir 90'000€!

(Henri a Marc ginn sech d' Hand. De Marc mécht ganz befläss seng Mapp op)

Marc Ech hat de Kontrakt scho virbereet. Mir brauchen nëmmen nach de Verkafspräis vu 95'000€ anzedroen.

Lynn (rosen) 90'000 €!

Marc Natierlech! 90'000€.... Da musst Dir elo nëmmen nach ënnerschreiwen. (kuckt ronderëm sech fir eng propper Plaz virum Haus ze fannen. Well en näischt fënnt, sëtzt hie sech op alle 4, a bitt säi Réck als Dësch un) Drot de Präis nach an an ënnerschreift beim Kräiz – op mengem Kräiz. (laacht sech futti) Gudde Witz, net emol.

Henri Si mir hei fir Witzer ze maachen oder fir de Kontrakt ze ënnerschreiwen?

(Néckel lussst beim Gëtschel)

Marc 't ass scho gutt. (muss nach ëmmer iwwert säi Witz laachen)

Henri (granzeg) Net wackelen!(ënnerschreift)

Marc (straalt um ganze Gesiicht, ass méi wéi zefridden, hëlt de Kontrakt, kuckt driwwer, gëtt dem Henri eng Kopie a mécht seng Kopie an d' Mapp) Perfekt. Meng Konto Nummer steet am Kontrakt. Vergiesst net an deenen nächsten 10 Deeg d' Iwwerweisung ze maache well soss verfält d' Virkafsrecht. Fir den Akt beim Notaire mellen ech mech bei lech. Wann Dir Handwierksleit braucht, ech kann lech gudder ugin.

Lynn Déi siche mir am Léifste selwer.

Marc Maacht wéi dir mengt.

Zeen 5

Marc, Henri, Lynn, Néckel,

(am Niewegebai gëtt fierchterlech gehouscht. D' Dir geet op, den Néckel kënnt eraus geschlach. Ënnert dem Aarm eng Fläsch Schnaps. E bleibt bei deenen dräi stoen)

Néckel Kuck emol do wéi deen alen Hauséierer sech freet.

Marc Hausemer – (schwätzt haart) Mäin Numm ass Hausemer.

Néckel Ech sinn net daf Männchen. Ech hu gesinn wéi hie sech gefreet huet wéi dir ënnerschriwwen hutt. Huet hie mech och un lech verkaf?

Lynn Mir hunn nëmmen d' Mille kaf.

Néckel (houscht) Maischen! – Deejéinegen deen d' Mille keeft, keeft mech mat.
(zum Henri) Sot emol Meeschter, Dir hutt nawell ee flott jonkt Dickelchen als Fra?
(hie stéisst den Henri mat der Fläsch Schnaps an d' Säit) Hä! Dir klenge Playboy.

Henri Et ass meng Duerchter Ech si Witmann

Néckel Wéi ass et iwwerhaapt mat Feieren. Soss ass all gutt Geschäft hei an der Mille räichlech gefeiert ginn. Unhalen! Dat maache mir och elo. (*Dréckt dem Marc d' Fläsch an de Grapp. Wullt a sengem Schaffkiddel, hält ee Glas aus der Täsch eraus, hält et géint d' Luucht, well et knaschteg ass haucht en dran a fiert mat dem Daum derduerch, schëtt et voll a reecht et dem Marc*)

Marc Euhm! Merci, net fir mech.– Euhm, ech muss nach fueren.

Néckel (*reecht dem Lynn d' Glas*)

Lynn (*kuckt d' Glas ganz skeptesch, ass degoûtéiert*) Merci, ech muss och nach fueren.

Néckel Wien näischt wëllt deen hat schonn. (*hien drénkt ex, houscht op d' Glas iwwerdeems en erëm eraus schëtt, reecht dem Henri d' Glas. Dee mécht grouss Aen*)
Kuckt net mat esou groussen Aen, wéi eng futtis Forell hei aus der Millebaach. Alkohol desinfizéiert. (*houscht erëm op d' Glas*)

Henri (*zum Marc*) Ëm dës Zäit drénken ech eigentlech ni Alkohol.

Marc (*fir en ze iwwerzeegen*) Macht w.e.g. engem ale kranke Mann dee klenge Gefalen! – (*Henri hält d' Drëpp mat Widdermutter*)
Ech muss elo goen. D' Geschäft rífft. A jo! Hei sinn nach d' Schlëssle vun Ärem neien Heem. (*Hëlt eng al Kludder Schlësselen aus der Täsch*) Äddi !

Henri Äddi! (*stuerkt nach ëmmer op d' Drëpp*)

Lynn Äddi!

Néckel Äddi dann. (*zum Henri*) An! Wat ass?

Henri (*huet d' Drëpp nach ëmmer am Grapp*) Wat soll da sinn?

Néckel De Schnaps! - Allez hopp ex, éiert et ee Grog ass.

Lynn Wat?

Néckel E soll mat mir prosten éier d' Drëpp ze waarm ass. Waarm schmaacht dat Kraut guer net gutt.

Henri (*et fällt him schwéier*) Majo dann! Op eng gutt Noperschaft.

Néckel (*begeeschtert*) Op eng gutt Noperschaft. (*setzt d' Fläsch un*)
(*si drénken. Den Henri verdréint d' Aen, kënnt em d' Loft, fänkt fierchterlech un ze houschten*)

Lynn Papp! Wat ass? Ëm Gottes Wëllen, so dach eppes.

Henri (*kritt keen Toun eraus, groussen Aen, wéisst op d' Drëppe Glas*)

Lann Dir hutt mäi Papp vergëft

Néckel (*iergerlech*) Vergëft? Déi Drëpp ass eng Medezin. Huelen ech ëmmer wa meng Doktesch Verspéidung huet. Eng 76 %-eg Drëpp ass gewass Gëft.

Zeen 6

Henri, Lynn, Néckel, Simone,

(den Henri schnaapt nach ëmmer no Loft. Den Dokter Simon kënnt duerch d' Paart eran huet en Dokteschkoffer bei sech)

Simone Wéi ech gesinn, kommen ech am richtigegen Ablack fir éischt Hëllef ze leeschten.

Lynn Wee si Dir dann?

Néckel *(ganz houfreg)* Mäi perséinlechen Dokter!

Simone *(bekëmmert sech ëm den Henri)* Ech sinn den Dokter Simon, Véidokter a Generalist. Ech hunn hei zu Rammelscheed meng Praxis.

Henri *(houscht, kritt nach ëmmer schlecht Loft. Kuckt den Dokter, straalt en un, laacht zefridden)* Dr Simon ?? Dir gesitt éischer aus ewéi en Dr. Simone - wann ech dat soen däerf.

Simone Dir hutt esou guer Recht! Mäi Virnumm ass Simone!

Néckel Si ass den Dokter Simone. Hei um Land duze mir äis alleguer. Ech sinn den Néckel. Wéi heeschs du?

Henri Ech weess net

Néckel Wat heescht hei: Ech weess net. Ech sinn hei de Gagga! Deen ale Vergiesserlechen.

Henri Ech weess net op dat sech passt, datt den Hausbesëtzer a säi Locataire sech duzen.

Lynn Sief dach net esou.

Simone Dir zwee sidd déi nei Besëtzerkoppel.

Henri a Lynn Mir sinn net bestuet

Henri Dat ass meng Duechter, ech si Witmann! Mir sinn déi nei Besëtzer vun der Millen.

Néckel *(gëtt bei där Ausso schrecklech traureg a fänkt u mat Kräischen)* Hues du dat virdru mat kritt Simone. Hien huet fir mech Locataire gesot. Lo wëllt hien och nach Sue vu mir. Da bleift guer näischt méi vu menger klenger Rent iwwereg.

Henri Ech hunn (dat nëmmen esou gesot.)

Simone Dir sollt lech schummen. Wéi kenn Dir engem ale schwaachen a kranke Kniecht esou Angscht maachen.

Henri Et war dach guer (keng Riets vun engem Loyer.)

Simone Deen häerzengudden Néckel huet all Ënnerstëtzung néideg.

Lynn *(rosen, wéisst op de Stall)* Dir nennt dat Ënnerstëtzung, wann Dir deen ale Kniecht dobanne vegetéiere loosst.

Néckel *(traureg)* Ech vegetéieren net, ech iesse ganz gäre Fleesch, wann ech et geknat kréien.

Henri No dem Immobilienhai *(Reaktioun vun dem Simone)* Immobilienagent, hu Dir um Niewegebai e Widdem an Dir dierft eist Buedzëmmer an d' Toilette an der Mille benotzen. Dann ass et net méi wéi normal, datt

Simone *(ënnerbrécht rosen den Henri)* Ah neen, mat Sécherheet net!

Henri net méi wéi normal, datt mer iergendwéi Spillregelen opstellen.

Néckel Mäi Gott! Esou sinn déi Stater. Fir d' Éischt wëllen se Geld vun dir a da wëllen se och nach mat dir spillen.

Henri *(rosen)* Neen, esou *(war dat net gemengt)*

Simone Wat?

Zeen 7

Henri, Lynn, Néckel, Simone, Jang, Romy,

(Den Här a d' Madame Bollenborn kommen duerch d' Paart eran. D' Romy Bollenborn, huet ee Kuerf, mat dem Brout an engem verdréchente Blumebouquet, bei sech. Kënnt virun dem Jang Bollenborn [schlecht gelaunt] op den Haff)

Romy *(gutt gelaunt)* Juhu! Mir stéieren hoffentlech net! – *(kuckt ronderëm sech)* Jang, wou bass de dann?

Jang Hannerun dir!

Romy So dach Moien!

Jang *(egal wéi, well e muss)* Juhu!

Lynn *(zum Simone)* Wee sinn déi do?

Simone Ma dat sinn.....

Romy Richtig! Mir hunn ons nach guer net virgestallt. Ech sinn.....

Jang *(hie mécht séier e Schrëtt virun d' Romy)* Ech sinn de Jang Bollenborn, Ech sinn de Buergermeeschter an hunn hei zu Rammelscheid déi gréisste Schwéngszuucht an eng Metzlerlei. *(hält dem Henri d' Hand dohin)*

Henri *(rompelt d' Nues)* Dat richt een. *(gëtt him ganz virsiichteg d' Hand)*

Jang Dat ass meng Fra Romy Bollenborn.

Romy Jang, ech hat geduecht du géifs hannert mir bleiwen!

Jang Net bei deenen offiziellen Optrëtter.

Néckel Dat Offiziellt dauert mir ëmmer ze laang. *(geet Richtung Stall)* Ech ginn erëm a meng Kummer. Dat alles huet mech iergendwéi opgereeht. Ech muss mech e wéineg tässelen. – *(kënnt zeréck)* Fir wann der eppes drénke wëllt. *(stellt Schnaps Fläsch op de Buedem, stécht d' Glas iwwert de Fläschenhals, verléiert d' Iwwergewicht, houscht, trëllt)*

Simone Mäi Gott! *(spréngt mat Jang a Romy huerteg bei den Néckel, hiewen hien op)*

Néckel Merci! Et geet schonn erëm.

(*D' Simone hält den Dokteschkoffer, si ginn an d' Niewegebai*)

Zeen 8

Henri, Lynn, Jang, Romy,

Romy Deen aarmen alen Néckel. Ech fäerte ganz dee mécht net méi laang mat.

Henri (*ganz niewebäi*) Ech hoffen dat staark.

Lynn Ma Papp!

Romy Papp? Ech hu mer gesot: Hien do huet nawell eng flott jonk Fra.

Jang En ass net bestuet!

Henri Wouhier wësst dir dat dann?

Jang Den Immobilienagent Hausemer war virdu bei mir am Buttek fir eng Mettwurscht ze kafen.

Romy Et geet näischt iwwert eis Loft gedréchent am eegenen Daarm.

Henri Loft gedréchent? - A wem sengem Daarm?

Lynn Am Daarm vun engem Schwäin, Pappa.

Romy Hues de héiere Jang! D' Joffer kennt sech aus. Hu dir och ee Bauerenhaff?

Jang Ma nee Romy. Si huet studéiert a kennt sech am Restaurantbetrib aus.

Lynn Wouhier wësst Dir dat dann?

Jang Den Immobilien Agent Hausemer war virdu bei mir am Buttek fir eng Mettwurscht ze kafen du huet mir erzielt, datt hien d' Millen un ee Krimiauteur a seng Duechter verkaf huet an Dir géingt wëllen ee Restaurant opmaachen.

Romy Kuck emol do! Ech hunn nach groussaarteg Rezepter vu menger Urgroussmamm, - vu mengem Papp senger Säit.

Lynn Merci. Wat d' Kichen ugeet hunn ech eng ganz aner Virstellung.

Romy Dach net italienesche Kascht? Ech lafe vun deenen hirem Olivenueleg fierchterlech op. D' Madame Dokter Simon gëtt mer dann ëmmer

Lynn (*ënnerbrécht*) Ech hunn éischer un eng mediterran Kiche geduecht.

Romy A sou! Jo dat ass natierlech - eppes ganz aneshtes –Jo! Mat Terra cotta an esou Saachen.

Jang Romy! (*mécht him en Zeechen datt et soll ophalen*) Du weess firwat mir heihi komm sinn. (*hält d' Hand op*) Romy!!

(*Romy erféiert, hëllt d' Schäerp haseleg aus dem Kuerf, wéckelt se lass, deet dem Jang se ëmständlech un*)

Also, (*houscht eng Kéier*) als Buergermeeschter vun der Gemeng Rammelscheid.....

Romy Pssst (*stéisst de Jang mat dem lelebou*)

Jang (*stéisst zeréck*)... well ech lech ...

Romy Pssst (*stéisst de Jang mat dem lelebou*)

Jang (*stéisst zeréck*)... ganz häerzlech ...

Romy Pssst, pssst (*stéisst de Jang mat dem lelebou*)

Jang (*rosen*) Wat ass dann?

Romy Deng – euhm – deng Denge Jang!

Jang (*kuckt ganz genéiert no ënnen, well e mengt en hätt de Boxekueder op*)

(*rosen*) Wat wëlls de soen?

Romy Ma deng - euhm – deng Dengen deng Kap! Bei offiziellen Optrëtter kanns de dach keng Kap unhunn.

Jang (*deet d' Kap of a klemmt se ënnert den Aarm*) Ech begréissen lech ganz häerzlech an eiser Gemeng.- (*Paus*) Romy! - - Romy! – Et ass un dir.

(*Romy kuckt ganz paff*)

Däi Sproch!

Romy (*Reaktioun, grimmet no engem Ziedel am Kuerf, da ganz begeeschtert*)

En neit Heem an eng nei Kichen,

Wou geet een dat hei an der Géigend sichen.

Hutt ëmmer genuch Salz a Brout,

Da komm der ni an Nout.

(*iwwerglécklech an houfreg verstat et den Ziedel an der Posch*)

(*Lynn an Henri klappen an d' Hänn*)

Henri Villmools Merci, dat war ganz léif vun lech.

Jang D' Tradition bei ons wëllt, datt Dir zwee gläichzäiteg e Stéck vum Brout erfabisst.

Romy (*straalt um ganze Gesiicht*) Mateneen!

(*Henri a Lynn bekucke sech paff*)

Lynn Mateneen!

(*den Henri an d' Lynn halen d' Brout un. Si bäissen an d' Brout. Den Henri voller Genoss, knat verdréint d' Aen a fänkt un ze Houschten, späizt d' Brout eraus. D' Lynn bäisst nëmmen e klengt Stéck erof, späizt et direkt gëeekelt eraus, geheit d' Brout an de Kuerf*)

Jang (*kuckt d' Romy*) Oh mäi Gott!

Romy Ja Jang! Wat ass!

Jang Ech mengen dech dach net! (*gräift no der Fläsch an nom Glas, wëllt dem Henri aus der Fläsch ze drénke ginn*) Drénkt dat hei! (*den Henri wiert of.*)

Lynn Pappa, wat ass lass?

Romy Ech weess wat ech maache muss! (*räisst dem Henri d' Äerm an d' Luucht a schléit e kräfteg op de Réck*)

Henri (*houscht*) Haalt dach op domat. - Wëll Dir mech ëmbréngen? – Et ass déck

duergaang mat deem grujelegt fuerzdréchene Brout dat no ech weess net wat schmaacht.

Lynn *(huet d' Brout ënnersicht)* Mattekugelen - dat sinn eendeiteg Mattekugelen. *(et zitt mat den Neel eng Kugel aus dem Brout)*

Henri Mattekugelen?! *(ass fierchterlech rosen, dréit dem Romy de Réck)*

Romy *(fänkt mat Kräischen un)* Oh neen! Wat hunn ech gemaach? Beim Baken hunn ech mech gewonnert, datt den Hief ewell ronn anstatt 4 eckeg wier. *(kräischt)*

Jang Romy, hal dach op ze pinschen. Et ass dach näischt geschitt.

Lynn *(rosen zum Romy)* Dir hutt mäi Papp bal ëmbruecht.

Jang *(hält ëmständlech de Blummbouquet aus dem Kuerf, geheet sech an déi offiziell Positioun , zitt d' Schäerp riicht a gëtt dem Lynn d' Blumen)* Also – nach eng Kéier häerzlech wëllkomm zu Rammelscheed a vill Gléck mat Ärem Projet.

Lynn *(bemustert Blumen)* Grad esou dréche wéi d' Brout.

Romy *(beleidegt)* Maja! Et si gedréchent Blumen! Déi hale méi laang.

Jang *(kuckt op d' Auer, streng)* Romy! Et ass Fudderzäit.

Romy Ech hunn awer nach näischt gekacht.

Jang Fir d' Schwäi Romy, fir d' Schwäin.
(hält Romy bei der Hand an zitt et duerch d' Paart)

Zeen 9

Henri, Lynn, Néckel, Simone,

Lynn Romy? - Ech war iwwerzeegt, datt Romy en Numm fir eng Kou wier.

Henri *(laacht)* Duerfir huet si ee Kuerf bei sech.

Lynn Hein??

Henri Maja! Fir datt een se vun enger Kou ënnerscheede kann. *(laacht sech futti an houscht)*

Lynn Deen ale Kniecht huet dech bestëmmt ugestach?

(D' Simone ass iwwerdeems mat dem Dokteschkoffer aus dem Niewegebai komm)

Simone Mat Sécherheet net! *(wéisst op d' Schnapsfläsch)* De staarken Alkohol desinfizéiert. Hu der Loscht bei mech ze komme fir eng Taass Kaffi ze drénken?

Henri *(straalt um ganze Gesiicht, verléift)* Oh jo! Fir wat net! Gutt Iddi. Merci!

Lynn Hu dir och Cappuccino?

Simone Natierlech.

(Si ginn zu der Paart eraus. Iwwerdeems kënnt den Néckel eraus a kuckt ronderëm. Wéi en de Schnaps entdeckt hält en d' Fläsch drénkt eng grouss Schlupp direkt aus der Fläsch)

Technik (während dem Ęmbau: Musek Solace)

Black wéint dem Émbau

2ten Akt

1 Woche méi spéit

Zeen 10

Marc

(Zwëschespill virum Riddo oder säitlech vun der Bühn. D' Bühn ass däischer Spot op de Marc kënnt eraus getrëppelt, säin Handy schellt)

Technik (Telefon)

Marc Ma jo! *(sieht den Handy)* Ech si jo schonn do! - -Ee Moment! – Agence Immobilière Hausemer. Marc Hausemer perséinlech um Apparat. Wéi kann ech lech hëllefen?
- Du bass et! Salut!
- Ech kommen elo just vun der Bank. Stell der mol vir. De Miller huet d' Sue schonn iwwerwisen. Dat huet e bestëmmt direkt den Dag duerno gemaach.
-- Jo! Du hues de Recht. Dat ass och meng Meenung. Elo kann et esou richtig lass goen. Ech muss anhänken, ech hunn nach ze dinn.
- Nee! Ech hunn ee Rendezvous. Äddi!

Zeen 11

Henri, Lynn

Den Henri sëtzt op der Bänk beim Dësch a schreift op sengem Laptop, summt zefridden. D' Lynn schleeft Këschte mat Rulloen Tanéit an Femer Faarf an d' Haus

Lynn Pappa?

Henri Hmmm?

Lynn Alles an der Rei?

Henri Ausgezeechent! Alles am grénge Beräich. - D' Landloft deet mir richtig gutt. - Et ass mir wéi wann ech op enger Wollek fléie géif. - Ech fille mech wéi wann ech een Engel gekësst hätt.

Lynn Du hues een Engel gekësst!

Henri Ouh! - Dat misst ech dach wëssen!

Lynn Erënner dech! Wéi mer bei dem Dokter Simon fort gaange sinn! Déi Bees déi s du hier ginn hues. D' Hand gi wier vläicht duer gaangen?

Henri Maach der keng Gedanken doriwwer, Lynn. Si gött net deng Stéifmamm.

Lynn Wann s du dat sees! – Ech hätt guer näischt dergéint wann ech mech och mol e wéineg sätze kéint. Wëlls du net vläicht de Rescht Saachen aus dem Auto huelen?

Henri Net elo! Ech hunn den Ablack déi kreativ Phase. Ech wëll déi net ënnerbriechen.

Lynn 't ass gutt. Ech hu verstan. (*fiert weider mat de Saachen eran droen*)
(*kuerz Paus*)

Henri (*ganz léif*) Lynnchen!

Lynn Jo Chef!

Henri Kéints du weg dengem alen a beschäftegte Papp vläicht eng Taass Kaffi maachen!

Lynn Et deet mer Leed. Dat geet de Moment net, Chef! Ech war nach net akafen. Soubal ech fäerdeg sinn, fueren ech an d' Duerf. (*geet an d' Haus*)

Zeen 12

Henri, Néckel

(*den Néckel kënnt aus dem Niewegebai, schläicht bei d' Millen. Houscht*)

Néckel Gudde Moien.

Henri (*frëndlech*) Gudde Moien. A wuer gitt Dir dann?

Néckel (*bleift stoen*) – “pfft”

Henri Wat? “pfft”?

Néckel Jo! – “pfft”. Muss du mueres net, wann s du opgestane bass?

Henri Dat geet lech een alen Dréck eppes un.

Néckel (*traureg*) Fir bass du esou onfrëndlech mat mir?

Henri (*onfrëndlech*) Ech sinn net onfrëndlech mat lech!

Néckel 't huet awer komesch geklongen.

Henri (*aggressiv*) Meng Stämm klenst net komesch

Néckel Fir wat bläers du mech un?
Henri (*haart*) Ech blären net mat lech.
Néckel Ma sécher bläers du mat mir. D' Doktesch sot ausdrécklech, ech soll mech net opreegen. (*trëppelt vun engem Been op dat anert well e séier muss*)
(*Lynn kënnt zum Schluss vun der Replik aus der Millen*)

Zeen 13

Henri, Néckel, Lynn

Lynn Berouegt lech a gitt an d' Millen éier nach eppes geschitt.
Néckel (*zum Henri*) Wann et bei dir dréngend ass, fir wat gees du dann net op d' Dëppen?
Henri Hu Dir net gesot, Dir misst "pfft"?
Néckel Jo! An?
Henri Ma da gitt dach endlech.
Néckel 't ass scho gutt! Ech ginn. (*schlächicht an d' Haus*)
Lynn Ech fäerten, datt mir nach e sëlliche Spaass mat deem doten hunn.
Henri Esou amusant wäert et och net ginn. (*grinst*) Awer! Wa mer hien oft genuch op de Bam dreiwen, besteet d' Chance, datt et no engem ganz natierlechen Doud ausgesäit.
Lynn Henri Miller! – Du schreifs ze vill Krimien.
Henri Merci datt s du mech drun erënners. (*geet sech erëm setzen a schreift weider*)
Néckel (*of*) Hallo! Héiert ee mech?
Lynn Wat ass dann?
Néckel (*of*) Hei ass kee Pabeier méi!
Lynn Niewent dem Lavabo läit nach ee Rullo.
Néckel (*of*) Deen ass awer net dräifach!
Lynn Jo an?
Néckel (*of*) Fir mech ass ëmmer Dräifache kaf ginn!
(*den Henri hält op a kuckt*)
Lynn Ma kaaft lech dach selwer Dräifachen!
Néckel (*of*) Ech sinn schlecht ze Fouss. Kanns du mir da kee kafen?
Lynn (*genervt*) Jo – Kann ech maachen.
Néckel (*of*) Gutt. Dann huelen ech esou laang deen hei. - (*den Néckel kënnt eraus, houscht fierchterlech, geet bei d' Lynn*) Merci. Du bass e gutt Kand! (*mat där rietser Hand heemelt hien dem Lynn de Bak*)

Néckel 't ass awer schlëmm mat mir. Ech fänken u vergiesserlecher ze ginn. - Oh Jëses!
Dann hunn ech mer d' Hänn och net gewäsch. (*geet zeréck an d' Haus, houscht a laacht*)

Lynn Bäh! Deen Alen ass richtig ruppeg. Wou ass d' Fënster Botzmëttel?
(*Lynn geet huerteg an d' Haus, den Henri laacht, schreift weider*)

Technik (Waasser Toilette)

Zeen 14

Henri, Néckel,

(*den Néckel kënnt aus dem Haus, houscht net. Schlaicht hannert den Henri, kuckt him en Abléck iwwert d' Schëller. Den Henri kritt dat net mat*)

Néckel Wat méchs du dann do?

Henri (*erféiert*) Wéi kënnt Dir mech esou erféieren? – Wat ech maachen? – Ech Schreiwen!

Néckel Wat?

Henri Ee Roman!

Néckel Wat fir ee Roman?

Henri Ee Kriminalroman.

Néckel Schued!

Henri Fir wat "Schued" ?

Néckel Ech hat geduecht du géifs eppes "Schmalzeges" schreiwen.

Henri Ech hoffen, datt et ni esou wäit kënnt. (*rëselte de Kap*) Eppes "Schmalzeges" !

Néckel Déi Zort Romaner ginn awer ëmmer esou schéi verfilmt. Wann ee Senioren
Nomëtteg mat der Amiperas ass kréie mer där Filmer alt emol gewisen.
- Waars du scho bei d' Amiperas?

(*Reaktioun vum Henri*)

- Soll ech dech eng Kéier mathuelen?

(*Reaktioun vum Henri, schreift weider, den Néckel kuckt him no. No engem Abléck*)

Néckel Wat ass dat do? Déi kleng Televisioun mat Schreifmaschinntasten?

Henri (*frëndlech*) Dat ass e Laptop.

Néckel E wat? Ech kennen nëmme "Läpp aus der Box"

Henri (*frëndlech*) E Laptop ass e Computer.

(*kuerz Paus. Den Néckel kuckt him no. Hieft d' Hand*)

Néckel Däerf ech och eng Kéier?

Henri *(aggressiv)* Ënner stitt lech an dréckt och nëmmen op eng vun den Tasten. An déi do scho guer net, *(wéisst op eng Tast)* well soss war meng ganz Aarbecht ëmsoss.

Néckel Wat fir eng? *(geet ganz no mat dem Fanger dobäi)* Déi do?

Henri *(jäizt)* D' Fanger ewech!

Néckel Lo bläers du schonn nees mat mir!

Henri *(ganz roueg)* Ech blären net mat lech! – Hu Dir näischt ze dinn?

Néckel Nee!

Henri Wéi nee?

Néckel Ech hat mer virgeholl an d' Duerf akafen ze goen. Meng Knéie wëllen haut net esou richteg, an ech kréien esou schlecht Loft.

Henri Asou? Mir ass opgefall datt Dir de Mueren nach net vill gehuscht hutt ewéi soss.

Néckel Net? – Ech sinn an der Läscht esou eppes vu vergiesserlech. *(fänkt u mat houschte wéi wann en d' Houschte misst nohuelen)*

Zeen 15

Henri, Néckel, Lynn,

(Lynn kënnt aus der Millen)

Lynn Ech fueren an d' Duerf akafen. Wëlls du eppes Besonnesches, Pappchen?

Henri Ausser Kaffie, weess ech elo näischt. Ah dach! Déi hallef ronn Schockolasknippercher. Ech kommen net op den Numm. Weess de déi mat enger Noss dran, an engem donkelbronge Flapp Schokola drop.

Néckel Oh jo! - Déi sinn esou gutt. Ech hunn déi schrecklech gär.

Lynn Soll ech lech där och matbréngen?

Néckel Nee, nee! Mat menger klenger Rent kann ech mir déi net leeschten. Wëlls du esou frëndlech sinn a mir 100 gr Miel matbréngen. Ech hu Loscht op ee Paangech. Hat scho laang kee méi.

Lynn D' Miel gött et awer net mat 100gr ze kafen.

Néckel Net? Do gesäis de wéi laang ech mir kee Paangech méi gemaach hunn. - Ma de bréng mer een Ee an ee Glas Mëllech mat. Da maachen ech mer eng Eeërtriwwel.

Henri Ech fäerte ganz, datt meng Duechter lech dat och net matbréngen kann.

Néckel Ech wouss et jo! - *(traureg)* Fir d' Éischt frëndlech froen an dann deen einfachste Wunsch net erfüllen. *(fänkt un ze houschten)*

Lynn Berouegt lech dach! Mäi Papp dee wollt domat just nëmme soen, datt elo Verkafsquantitéite méi grouss sinn ewéi virdrun.

Mëttesklack, wann s de da méi kafe muss.

Henri Ech mengen Dir wëllt äis net verstoen?

Néckel Ech verstinn iech ganz gutt. Fir d' éischt kaaft dir d' Millen an elo wëllt dir mech erhéngere loossen.

Henri *(verzweiwelt bal)* Lynn, bréng w.e.g. alles mat wat hie gefrot huet. Miel, Är a Mëllech. Mir deelen dat herno op.

Néckel A wat muss ech dofir bezuelen?

Lynn *(verzweiwelt)* Meng Nerven!

Henri Mir schenken Iech dat wat Dir braucht.

Néckel Ech brauch näischt ze bezuelen?

Henri 't ass gratis!

Néckel *(begeeschtert)* Gratis! Ma da bréngt mer och nach e Pond Botter an e Kilo Zocker mat! A jo! Och nach gedréchent Quetschen. Dat ass gutt fir d' Verdauung!

(Lynn verdréit d' Aen a geet. Den Henri rëselt de Kap a schreift weider)

Jëfferchen!

Lynn *(kennt zeréck)* Wat ass dann elo?

Néckel Denks du w.e.g. un deen 3 fachen?

Lynn Ech denken u soss näischt. *(fort)*

Néckel Jëfferchen! - Nach eppes!

Lynn *(kennt zeréck)* Wat dann elo nach?

Néckel Wann s du am Duerf bass, kanns du da vläicht der Doktesch soen, si soll hei hi kommen.

Lynn Wéinst dem Houscht?

Néckel Neen! Wéi ech virdrun op d' Toilette war, war de "pfft" schrecklech flësseg

Henri *(ënnerbrécht)* Vergiess déi gedréchent Quetsche Lynn. Bréng léiwer en Desinfektiounsmëttel mat.

(Lynn geet)

Néckel Jëfferche w.e.g.!

Lynn *(kennt zeréck)* Jo! Wat? *(rosen)* 4 Läffele Kakao oder 2 Tranche Kuch?

Néckel *(paff)* Krit een dat esou?

Lynn *(batzeg)* An Äddi!

Néckel *(traureg)* Ech wollt him dach just nëmme Merci soen.

Zeen 16

Henri, Néckel,

Néckel *(sëtzt sech op d' Bänk. Kuckt dem Henri no. Deen dréit sech esou, datt den Néckel net un de Laptop kënnt. No engem Ament)* Alles an der Rei? *(houscht)*

Henri Jo! - Ech wier ganz frou wann ech elo roueg schaffen dierft. Gitt an Äert Zëmmer a liest e Buch.

Néckel Ech hunn nëmmen d' Bibel an déi kennen ech auswenneg.

Henri - Da kuckt Televisioun.

Néckel Ech hu keng Televisioun.

Henri - Da lauschtert Radio.

Néckel Ech hu kee Radio! Ech hunn nëmmen een ale Plackespiller. Ech weess awer net ob deen nach funktionéiert?

Henri Da probéiert ganz einfach emol.

Néckel Gutt Iddi. Maachen ech. *(steet schwéierfällig op, houscht, schlappt an d' Niewegebai a klaakt Dir)*

**Dieser Text ist urheberrechtlich
geschützt.**

Unerlaubte Vervielfältigung verboten

**Dieser Text berechtigt nicht zur
Aufführung.**

ALLE RECHTE BEI:

THEATERVERLAG ARNO BOAS

FINSTERLOHR 46

97993 CREGLINGEN

Tel: 07933-20093

e-mail: info@theaterverlag-arno-boas.de

www.theaterverlag-arno-boas.de